N°3080
Entrée le 29.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madame Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro N° 3080 vum 21. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet « Statistiques de criminalité dans certaines grandes communes".

Den honorabelen Deputéierten huet erneit eng Réckfro gestallt zu Statistike vun der Police. Et gëtt drop verwisen, dass d'Statistiken a Kategorie vun der Kriminalitéit all Joer am Kader vum "Rapport d'activités" vun der Police präsentéiert ginn.

All Joer nom 1. Semester ginn d'Tendenze vum lafende Joer an deene respektive Kategorien erstallt. Déi Zuelen si geduecht fir um lokale Plang eng detailléiert Analyse am Kader vun de *comités de prévention communaux* ze maache vun der Police zesumme mat de Gemengevertrieder an hire respektive Gemengen. Dës Analyse huet als Objektiv fir Mesuren ze ergräifen, déi op déi verschidde Gemengen zougeschnidde sinn.

Wéi schonn e puer Mol an de Chamberskommissiounen erkläert ginn ass, ass et fir d'Police mat groussem Opwand verbonne fir punktuell an niewent den Zuelen déi reegelméisseg erhuewe ginn, zousätzlech Kategorien an zousätzlech Variabelen (Regiounen, Gemengen , Quartieren, etc.) manuell eraus ze sichen.

1. Kënnen d'Ministere fir d'Gemengen aus der leschter parlamentarescher Fro och nach d'Zuelen fir Vol simple oplëschten?

D'Kategorie « vol simple » ass an der Kategorie « autres vols » abegraff, déi am Tableau an der Äntwert op d'parlamentarescher Fro n° 2896 pro Gemeng detailléiert ginn ass.

2. Kënnen d'Ministere fir d'Gemengen aus der leschter parlamentarescher Fro och nach d'Zuelen fir Klenscherten oplëschten?

D'Police huet keng Statistiken iwwer wéi vill Leit un Autoe klensche gi fir ze kucken ob den Auto op ass.

D'Klenscherten, wann et zu engem Vol komm ass, si statistesch an der Kategorie « vols liés aux véhicules/ autres vols » abegraff, déi am Tableau an der Äntwert op d'parlamentarescher Fro n° 2896 pro Gemeng detailléiert ginn ass.

Lëtzebuerg, den 29. Oktober 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden